



Lëtzebuenger  
Guiden a Scouten

## Jugendschutz a Signalement

D'Jugendschutzgesetz beseet, dass ee Kanner a Jonker muss virun all negativen Aflëss schützen.

Egal wat geschitt ass, déi éischt Prioritéit ass ëmmer de Schutz vum Kand/Jonken!

### 1. **Physesch a psychesch Gewalt:**

Mat Presenz vu Verletzungen:

- Wann ee Verletzung gesäit, da kann ee beim Kand nofroen wat do geschitt ass. Falls d'Kand seet et wier vun engem Erwuessene geschloe ginn, dann direkt beim Parquet signaléieren.
- WICHTEG: Keng suggestiv Froen stellen à la: "Do bass du bestëmmt geschloe ginn?", mee nolauschteren a froen. "Wat ass dann do geschitt?"
- Wichteg: Net verurteilen oder d'Elteren zur Rechenschaft zéien (net Police spillen)
- Zu Lëtzebuerg gëlt "d'loi de la protection de la jeunesse", wat beseet, dass jeglech Aart vu Gewalt vis-à-vis vu Kanner a Jonke verbueden ass
- Am Fall wou d'Eltere mat der Erzéiung iwwerfuert sinn, ginn si bei aner Servicier orientéiert, déi op hier Problematik spezialiséiert sinn (ONE- Office national de l'enfance: Ulafstell)
- WICHTEG: Keng Fotoe vu Verletzung maachen! → Dat mécht d'Police
- WICHTEG: D' Kand net ausfroen, wann et well schwätzen, loosst et schwätzen a schreift alles wuertwärtlech op (esou séier wéi méiglech, ouni Interpretatioun an am Kand senge Wieder). Keng Enquête op eege Fauscht maachen.
- WICHTEG: Dem Kand soen, datt dir dëst net kennt fir iech behalen, mee musst weiderginn. Dem Kand erklären, datt et verbueden ass Kanner ze schloen an datt si Hëllef kréien.

Ouni Presenz vu Verletzungen:

- Wann d' Kand äussert et géif doheem geschloe ginn, een awer keng Unzeeche vu kierperlecher Gewalt gesäit (Bloe Flecken,...) direkt mat de Responsabele vun der Géisserei Matthieu Schmit oder Cathy Kirsch austauschen, si ginn där Saach da no.
- Cas spécial: wann d'Elteren offensichtlech alkoholiséiert d'Kand siche kommen, hinnen de Moyen ginn en aneren Erwuessenen unzeruffe fir d' Kand heem ze bréngen. Wann dës Situatioun sech sollt widderhuelen och hei signaléieren. Falls si en Opstand maachen, d'Police ruffen. Falls den Elterendeel einfach fortfiert, d'Nummer vun der Plaque opschreiwen a bei der Police mellen.

Vernoléissegung:

- Eng regelméisseg Vernoléissegung kann en Afloss op déi physesch a psychesch Gesondheet vum Kand hunn. Eng Vernoléissegung ass eng net adequat Äntwert op Besoine vun engem Kand: net ugepasste Kleedung, keng oder ze wéineg Stimulatioun, Hygiène, Sécherheetsgefill,... (Pyramide de Maslow).

Lëtzebuenger Guiden a Scouten  
Verbandssekretariat  
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg  
+352 26 94 84 | [info@lgs.lu](mailto:info@lgs.lu) | [lgs.lu](http://lgs.lu)

1



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux<sup>®</sup>

VOYAGES  
VANDIVINIT  
*Reisen mit Stil*

BIL  
BANQUE  
INTERNATIONALE  
À LUXEMBOURG  
1858



## 2. Sexuell Iwwergrëffer:

### Duerch e Majeur:

- Wann d'Kand iech en abus sexuel uvertraut, muss direkt e Signalement beim Parquet gemaach ginn
- WICHTEG: d'Kanner NET ausfroen, si wile schonn déi Persoun där si sech uvertraue wëllen (Keen Austausch oder Reunion mat aner Chef). D'Enquête ass den Job vun der Police.
- Wichtig: D'Kand soll just mat enger Persoun schwätzen, well d'Kand soss herno bei der Police Judiciaire verschidde Versiounen zielt an da kann d'Ausso net méi verwäert ginn.
- Och hei ass et wichteg alles zäitno opzeschreiwen ouni ze interpretéieren.
- Dem Kand onbedéngt och soen, dass een dat muss weider ginn.

### Duerch e Mineur:

- An dësem Fall gëtt den Abuseur vum Gesetz hier souwuel als Täter wéi awer och als Opfer ugesinn
- Och hei muss direkt signaléiert ginn, ausser et handelt sech ëm sougenannten Dokterspiller déi an engem gewëssen Alter normal (5-7 Joer) sinn: Beispill: Zweek Jongen hunn sech an en Eck verzunn an d'Kaputz iwwer de Kapp gezunn an deen een huet un deem anere sengem Geschlechtsdeel gespillt. D'Educatrice ass dohi gaangen an huet gefrot wat si maachen, si sote si géife sech ënnersichen. D'Educatrice huet hinnen dunn erkläert, dass si dat awer net solle maachen. Deen ee vun de Jonge war ganz enttäuscht, well hie gesot huet dat wär net fair, et wär jo elo awer un him gewiescht ze ënnersichen. An esou Situatioune gouf et kee relevanten Altersënnerschied an d'"Spill" gouf am géigesäitege Averständnes gespillt. Falls d'Dokterspiller zur Gewunnecht ginn, schwätzt ee vu Comportement sexualisé. D'Mesuren an deem Fall fannt dir hei ënnendrënner.

## 3. Comportement sexualisé:

- Ass direkt ze ënnerbannen (weise vu Geschlechtsdeeler, Masturbatioun, komesch Rollespiller,...)
- Hei geet et also net ëm Dokterspiller (ausser dës géinge sech widerhuelen). Normalerweis, weist e Kand dat Verhale reegelméisseg, also net nëmmen an de Scouten.
- Onbedéngt d'Gespréich mat den Eltere sichen (wann een sech à l'aise fillt). Dat Ganzt net verdäiwelen. Am Zweiwelsfall an der Géisserei beim Cathy Kirsch oder Matthieu Schmit uruffe fir Renseignerter ze kréien (et kann een och net ausschléissen, dass d'Kand dëst Verhale weist, well him selwer eppes passéiert ass).

## 4. Pornographie:

Wann dir pornographesch Material bei engem Kand/Jonke fannt:

- Dir féiert mam Kand/Jonken e Gespréich an duerno och mat den Eltere fir si ze informéieren an ze responsabiliséieren.
- Wa Kanner/Jonker aner Kanner/Jonker an enger intimer Situatioun fotograféieren oder wann e Kand/Jonken iech vun enger Situatioun erzielen an där een anere si an enger intimer Situatioun gefilmt oder fotograféiert huet, direkt e Signalement maachen.





## 5. Signalement

- E Signalement ass keng Plainte!!!
- E Signalement ass eng neutral an objektiv Informatioun, déi sech per Bréif, Fax oder Telefon mécht a beinhalt:
  - d'Coordonnéen, déi d'Persoun betreffen, déi d'Signalement mécht (Numm, Service, Funktioun/Relatioun zum Kand, Telefonsnummer) - d'Coordonnéen vum betraffene Kand/Opfer (Numm, Gebuertsdatum, Matricule, Adressen, Numm an Adress vun den Elteren) - Eng detailléiert Beschreiwung vun de Fakten. All Signalement per Telefon muss sou séier wéi méiglech duerch ee schrëftlecht Dokument mat Ënnerschrëft nogereecht ginn.

Mir ënnerscheeden tëscht 2 Situatiounen:

1. Ass eng Dot geschitt oder gëtt et en Hiwäis op eng Mësshandlung, déi manner wéi 24 Stonnen zrëckläit, dann handelt et sech ëm eng Urgence (manner wéi 24 Stonnen): • Et rífft een d'Police Grand-Ducale un Tél. : 113 • Besteet eng Urgence (< 24h. bspw. Viol) am Ausland op engem Camp/Kolonie da kontaktéiert w.e.g. direkt déi lokal Police. Si huele sech der Urgence un a leeden et duerno op Lëtzebuerg weider.

2. Ass d'Dot geschitt, déi méi wéi 24 Stonnen zerëckläit, dann ass et keng Urgence. Ee konkrete Verdacht deelt den Animateur dem Campchef, resp. dem Responsabel vun der Organisatioun mat. Zielt d'Kand beispillsweis, dass et Doheem geschloe gëtt, Opfer vun engem sexuellen Iwwergrëff ginn ass, oder soss gravéierend Problemer huet, da mell et dem Parquet zu Lëtzebuerg. Si kënnen déi néideg Mesuren dann an d'Weeër leeden.

**Wat maachen ech bei engem Verdacht op kierperlech Mësshandlung, déi net op der Aktivitéit geschitt ass ?**

- Roueg an objektiv bleiwen
- Beobachten an Aussoe vum Kand zäitno schrëftlech festhalen
- De Responsabel vun der Kolonie respektiv de Campchef kontaktéiert déi responsabel vun der Organisatioun zu Lëtzebuerg (Cathy Kirsch oder Matthieu Schmit)
- D'Kand weiderhi beobachten an d'Vertrauensverhältnes mat him oprecht erhalen.

**Wat maachen ech bei engem sexuellen Iwwergrëff um Camp / Kolonie? (Urgence)**

- Den Opferschutz ze garantéieren: Hei sollt een direkt derfir suergen, dass d'Opfer vum Täter oder vun den Täter getrennt gëtt. Als Täter kann hien net weider am Kontakt mam Opfer an den anere Participant'e vun der Aktivitéit bleiwen. E widerhuelten Iwwergrëff ass hei onbedéngt ze vermeiden.
- Hëllef fir d'Opfer organiséieren: Op jidder Fall direkt d'Police kontaktéieren an e Signalement maachen. De Campchef soll de Virfall och direkt dem Responsabel vun der Organisatioun mellen.
- Schrëftlech festhale wat geschitt ass. De betraffenen Animateur soll wuertwärtlech opschreiwen: - Wat geschitt ass, - Wee wat gesot huet, - Wee wat gemaach huet - Wee wat gesinn huet. Dëst soll op eng objektiv Aart a Weis geschéien. Fakte sollen als Fakten opgeschriwwen ginn a Meenungen als Meenungen, tel quel wéi se gesot gi sinn, resp. wuertwärtlech, fir Interpretatiounen ze vermeiden. Dës Notizze sollen och gutt versuergt ginn (Numm/Ausso/Datum).

**Op jiddefalls NET:**

- Net a Panik verfallen oder mengen et misst een direkt eppes ënnerhuelen (d'Kand ass jo am Moment geschützt)
- Net d'Kand iwwer seng fräiwëlleg Aussoen eraus ausfroen
- Net op eege Fauscht Recherchë maachen, Acteure befragen, Fakten interpretéieren (dat ass d' Aarbecht vun der Police)
- Net virum Opfer, Täter oder Erwuessene mat engem aneren iwwer d'Situatioun schwätzen (fir de Risiko ze vermeiden, dass d' Argumenter vun den Erwuessenen iwwerholl ginn).
- Net den Elteren uruffen - Net déi aner Kanner iwwer de Virfall informéieren





- Eventuell Beweisstécker gutt versueren an net verléieren (Zeechnungen, Objet'en, Kleedungsstécker, ...)
- Op kee Fall den Täter an d'Opfer fir e Klärungsgespréich zesummeruffen
- Net den Täter zur Rechenschaft zéien oder bestrofen
- Dem Kand soen, dass een d'Informatiounen weidergëtt fir him ze hëllefen. Als Grondregel gëllt, dass den Animateur d'Situatiounen vu Mësshandlung doheem oder während der Aktivitéit net muss alleng an d'Hand huelen, mee dass hien de Fall just weider un déi aner Responsabel gëtt an als Informatiounsquell fir d'Beweislag spéiderhin nützlich Informatiounen liwwere kann.

**Ruft am Zweifelsfall ëmmer dem Cathy Kirsch un (26948426) a wann hat net do ass, mellet iech beim Matthieu Schmit (26948422).**

Quellen:

SNJ-Dossier de l'animateur 6: Jonker stärken a schützen

Fred Arend VDL-Service Médical des Ecoles: Cellule de conseil "enfants en détresse"- Lignes de conduite lors de maltraitances envers enfant

